

Wat ass den *Espace~Famille* ?

Den *Espace~Famille_* ass e Service, deen d'Ligue HMC zanter November 2011 ubidd.

Hei ka jidfereen, deen um Thema „Behënnerung“ interesséiert ass, oder och selwer mat enger Behënnerung liewt, **Informatiounen** fannen.

Et ass och en **Treffpunkt** fir Familljen vu Persoune mat enger Behënnerung.

An et ass eng Platz, wou e kann iwwert seng Suergen oder Froen – mat enger **Psychologin** oder enger **Assistante sociale** – schwätzen, ob een elo eng Behënnerung huet oder och net.




Wat gët am *Espace-Famille* ugebueden?

1. Am Moment gët et 2 Zorte vu **Gespréichsgruppen** :

→ **Elteren-Owender**, all 6 Wochen

Espace-Famille setzt sech als Ziel, d' Inhalter vun den Elterenowender un deem ze orientéieren wat Elteren tatsächlich brauchen oder net (méi) brauchen.

Dofir wëlle mir den Elteren an eis d'Méiglechkeet ginn, eis kennenzeléieren, an ze gesinn, wat d'Erwaardungen an d'Wënsch fir des Gesprächsgruppe sinn. Et sin oppe Gruppen, wou ee kënnt wann een dat wënscht. Et muss een sech just umelden.



→**Geschwëster-Gespréichs-Grupp**, 1 mol am Mount.

Als Geschwëster vun enger behënnerter Persoun entwéckelt een am Laf vun der Zäit seng Manéier seng Plaz an der Famill anzehuelen.

Geschwësterdiskussiounsgruppen proposéieren en „Espace“ fir:

- sech kennen ze léieren an zersummen iwwert eegen Erfaarungen, Erliewen a Wëssen ze schwätzen
- ze héieren wie eng Weeër aner Geschwëster fonnt hunn
- an der besonnescher Situatioun als Geschwëster vun enger behënnerter Persoun an d’Gespréich ze kommen

Et sinn oppe Gruppen, wou ee kënt wann een dat wönscht. Et brauch een sech just unzemelden (Telephon/Email)



2. Consultatiounen (Psychologue an/oder Assistante sociale)

Gruppegesprécher eegenen sech net derzou, wann d'Thema méi privater Natur ass (meng Situatioun a menger Famill, oder meng Bezéiung zu mengem Ëmfeld). Trotzdem géif een heiansdo nawell gäre mat engem Mënsch iwwert sou Saache schwätzen – dat hëlleft an et gesäit en d'Saachen herno aus enger anerer Perspektiv.

Espace Famille bidd Iech d'Méiglechkeet, an engem vertrauleche Kader mat enger Psychologin an/oder enger Assistante sociale ze schwätzen a professionell a gezielt op är spezifesche Situatioun anzegoen.

Rufft einfach u fir e Rendez-vous.

Telefon : 621.45.14.92 (Jeannine THILL, psychologue)

621.54.68.36 (Tina BARBARINI, Assistante sociale)

3. Vun Zäit zu Zäit stinn och méi speziell Aktivitéiten um Programm : dat könne Konferenze sin, oder Filmowender, oder ... Des Aktivitéite wenden sech u jidferen, deen um Thema an/oder um Service interesséiert ass a wëllt derbäi sinn.

Wéi kann een sech am Beschten informéieren?

Mir verschécke regelméisseg e klengen Informatiounsbréif, den „*E~F NEWS*“.

Am einfachsten geet dat iwer Internet. Wann Dir eis Aer email-Adress uvertraut, da schécke mir Iech den *E~F NEWS* direkt op Aere Computer. Selbstverständlech verpflichte mer eis, Aer Adress zu kengem aaneren Zweck ze gebrauchen. Dat ass och gesetzlech gereegelt. Wann Dir net / net méi wëllt, dass mir Aer Adress hun, da geet et duer, eis dat matzedeelen.

Wann Dir keen Internet hut, da schecke mir lech och ganz gären den *E~F NEWS* als Pabeiversioun. Sot eis just Bescheid.

Dir kënnt eis vu Méindes bis Freides iwwer Telephon erreechen, vun 9h bis 16h30. Mir schaffen op Rendez-vous. Et kann een och e Rendez-vous ausserhalb vun deenen Zäiten ausmachen, wann dat néideg ass. Eise Service ass gratis. Fir méi Informatiounen sti mir lech gären zur Verfügung.

Mir soen lech Merci fir Aeren Interessi.

Jeannine Thill an Tina Barbarini



Espace~Famille

Ligue HMC asbl

75, route d'Arlon

L-8311 CAPELLEN

Tél. : 621 45 14 92 / 621 54 68 36

Email : espace-famille@ligue-hmc.lu